Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

# Äppel a Biren

### Carte blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

*08.04.2016*

*Oft gëtt vu reliéise Leit verbreet, reliounsfräi Weltanschauungen wi Atheismus wieren och näischt Aneschtes wéi eng Relioun, reliounsfräi Mënschen géife jo un d'Wëssenschaft gleewen. Wëssenschaft gëtt also gewëssermoossen mat reléisen Dogme gläichgestallt. Lächerlech, fënnt de Laurent Schley, Biolog a President vun AHA Lëtzebuerg, a senger Carte blanche vun haut mam Titel „Äppel a Biren".*

Dass Relioun näischt mat Wëssenschaft ze dinn huet, dozou bekennt sech esouguer die 5%-Minoritéit vun Natur-Wëssenschaftler, di sech selwer als gleeweg bezeechnen.

Reliounen, notamment déi monotheistesch wi d'Chrëschtentum, den Islam an d'Juddentum, presentéieren a sougenannten hellege Bicher absolut Wourechten, di d'Menschen gefällegst ze gleewen hunn, ouni se kritesch ze hannerfroen. Et sollen, respektiv mussen, Geschichte gegleewt ginn, fir déi et net dee geréngste Beweis gëtt. Obwuel se Joerhonnerten respektiv Joerdausenden al sinn a mol net vun Aanzeien geschriwwe goufen wéi et fälschlecherweis propagéiert gëtt, sollen déi Bicher haut, am 21. Joerhonnert, nach ëmmer als Leitkultur gebraucht ginn. Relioune sinn traditionnell ganz retizent, fir sech fir nei Erkenntnisser opzemaachen.

Wëssenschaft, op där anerer Säit, probéiert op eng logesch, rationnell an virun allem experimentell Manéier méi iwwert eis Welt rauszefannen. Wëssenschaftler si sech bewosst, dass déi absolutt Wouerecht ni kann erreecht gin, an dass all eist Wëssen nëmme virleefege Charakter huet, oder, wei den Philosoph Karl Popper géif soen, bis dass ee kënnt an et duerch en Experiment falsifizéiert, oder verfeinert. Konkret heescht dat, dass d'Wëssenschaft ëm hier eegen Imperfektioun weess an dofir och ni den Usproch stellt, perfekt oder onfehlbar ze sinn.

Natirlech kann een op wëssenschaftlech Methodik zeréckgräifen, fir reliéis Phenomäner, Mythen oder Iwwerzeegungen ze hannerfroen. Sou geschitt zum Beispill am Joer 2006 beim Versuch vun engem Professer vun der Universitéit Harvard, am Kader vun enger wëssenschaftlecher Etude d'Heelungswierkung vum Bieden bei häerzkranke Patienten ze ënnersichen. D'Etude hat ëmmerhin 2,4 Milliounen Dollar kascht, gréisstendeels bezuelt vun enger reliéis-orientéierter Stëftung. Bieden hat trotzdeem… keng Heelungswierkung.

En zimlech perverse Mëssbrauch vum Terme „Wëssenschaft" kënnt déi läscht Joeren aus dem reliéise Courant vum Kreationismus, deen iwwert de sougenannten Intelligent Design

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

probeiert, säi Gotteskonstrukt duerch eng Hannerdier nees an d'Entstehung vum Mënsch ranzekatapulteieren. Well dës Geschichtchen sech fir Laien schéin unhéiert an de Mënsch als eppes Besseres an Eemoleges duerstellt, huet dës pseudowëssenschaftlech Stréimung e gewësse Succès. Si ass awer soss näischt wéi e läscht Opbäumen vu reliéisen Apologeten, fir hier Märercher ënnert dem Deckmantel vu Seriositéit weider als Wouerechten ze verkafen.

Well se vill reliéis Behaaptungen als falsch entlarvt huet, gouf a gëtt d'Wëssenschaft vu reliéisen Institutiounen als Gefor gesinn. Verschidde Wëssenschaftler hunn hier Resultater um Scheiterhaufen mat hierem Liewe bezuelt.

Fakt ass, dass d'wëssenschaftlech Methodik säit laangem a bis haut dat beschten Instrument ass, wat d'Mënsche je entwéckelt hunn, fir méi iwwert eis Welt rauszefannen an och dem Mënsch d'Liewen op eisem Planéit mi einfach ze maachen. Sollt muer onerwaarterweis eng besser Method verfügbar ginn (déi sech natierlech och muss bewährt hunn), wäerten d'Wëssenschaftler déi éischt sinn, déi dat unerkennen.

*Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l.* (AHA), www.aha.lu

Member *International Humanist and Ethical* Union (IHEU)
Member *European Humanist Federation* (EHF)
Member *Alliance for a Secular Europe*
Member *Cercle de Coopération des Associations laïque*s (CCAL)

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu